N°2468
Entrée le 21.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 2468 vum 16. Juni 2025 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy.**

1. **Wéi vill Waffe si vun dëser neier Klassifizéierung betraff, a wéi vill dovu waren am Besëtz vu Privatpersounen?**

D'Gesetz vum 2. Februar 2022 bezitt sech op de Besëtz vu Waffe vu Privatleit. Vun dohier waren all déi vun der Fro viséiert Waffen am Besëtz vu Privatpersounen.

Déi Waffen, déi duerch d'Gesetz vum 2. Februar 2022 illegal gi sinn, ginn iwwert de Moyen vun den Erneierunge vun den Autorisatiounen no an no aus dem Verkéier gezunn, sou wéi et "Dispositions transitoires" vum Gesetz virgesinn. All Autorisatioun muss all fënnef Joer duerch eng Demande beim Justizministère erneiert ginn, a bei där Geleeënheet ginn dann déi Waffen net méi nei autoriséiert. Well déi Waffe fréier kenger spezifescher Klassifikatioun ënnerloungen, bestinn och haut keng spezifesch Zuelen fir déi Waffen.

2. **Wéi vill Demandë fir Ausnamen oder speziell Geneemegunge goufen zënter der Gesetzesännerung agereecht, a wéi vill dovu goufen approuvéiert oder refuséiert?**
3. **Aus wéi enge Grënn sinn d'Ausnamen-Ufroe refuséiert ginn?**

Am Kader vun der Prozedur, wéi se an der Äntwert op déi éischt Fro beschriwwe gëtt, ass et virkomm, dass e Waffebesëtzer sou eng nei verbuede Waff z.B. virdrun op sengem Sportswaffeschäin autoriséiert hat. D'Demande fir d'Erneierung vum Sportswaffeschäin huet da mussen deelweis refuséiert ginn („refus partiel"), wat déi verbuede Waff betrëfft, a fir all déi aner Waffen ass de Sportswaffeschäin natierlech erneiert ginn. An deene Fäll ass et dann, per Telefon, Email oder Bréiwer, zu Echangen tëschen dem concernéierte Waffebesëtzer an dem Waffe-Service vum Justizministère komm, well de Waffebesëtzer nogefrot huet an Erklärunge wollt hunn, déi de Waffe-Service dann och ginn huet.

Well d'Iwwergangsbestëmmunge („dispositions transitoires") vum Artikel 66 vum Waffegesetz vum 2. Februar 2022 awer keng Ausnamen oder speziell Geneemegunge fir déi Fäll virgesäit, konnten och keng ausgestallt ginn. Déi Fäll sinn dowéinst dann och net als Demandë fir Ausnamen oder speziell Geneemegunge statistesch erfaasst ginn.

4. **Wéi eng Prozedure goufen deemools etabléiert, fir d'Besëtzer vun, nom neie Gesetz, illegale Waffen ze informéieren an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, dës Waffe legal ofzeginn oder unzepassen?**

Wéi an der Äntwert op d'Fro Nr. 1 erkläert, ginn déi Waffen, déi duerch d'Waffegesetz vum 2. Februar 2022 illegal gi sinn, no an no iwwert de Wee vun den Erneierunge vun den Autorisatiounen aus dem Verkéier gezunn. Säit dem Gesetz vum 2. Februar 2022, kréien d'Leit systematesch zesumme mat den Erneierungsënnerlagen en Informatiounsblat matgeschéckt, op deem d'Prozedur an d'Optioune fir déi neierdéngs illegal Waffen erkläert ginn.

**5. D'Besëtzer vun, nom neie Gesetz, illegale Waffen, dorënner och Kollektiounswaffen, hunn doduerch e finanzielle Schued erlidden, ouni kënnen op eng Entschiedegung ze hoffen? Ass d'Regierung gewëllt, dës Ongerechtegkeet ze behiewen?**

D'Gesetz vum 2. Februar 2022 gesäit keng Entschiedegung vir, sou dass d'Regierung och keng accordéiere kann. Et geet och aus der Rechtsspriechung vun der Cour de Justice de l'Union Européenne an der belscher Cour constitutionnelle ervir, dass d'Ëffentlechkeet adequat doriwwer informéiert war, dass déi viséiert Waffen, wann se nom Stéchdatum vum 13. Juni 2017 kaaft goufen, nom Akraafttriede vum neie Gesetz net méi kéinten autoriséiert ginn, sou dass déi betraffe Leit kee legitimme finanzielle Schued kënnen invoquéieren.

Ausserdeem hunn déi betraffe Leit d'Méiglechkeet, wann se hir Waff als Objet behale wëllen, dës neutraliséieren ze loossen. D'Neutraliséierung gëtt vun engem Armurier gemaach an duerno ginn d'Kontroll an d'Zertifikatioun vun däser Neutraliséierung vun der Police duerchgefouert.

**6. Wat geschitt mat de Waffen, déi de Besëtzer bei der Police ofginn huet?**

Wann d'Leit hir Waffen net neutraliséiere loossen, mussen se se bei der Police ofginn an do eng Verzichtserklärung ënnerschreiwen. D'Waff gëtt dann an der Armurerie vun der Police zerstéiert.

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue